

Lëtzebuerg, den 30 juin 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„A Frankräich ass am Joer 2021 eng Baisse vum Konsum vu Bio-Liewensmëttel am Verglach zum Virjoer festgestallt ginn. D'lescht Joer louch de Gesamtwäert vun de verkaafte Bio-Liewensmëttel bei 12.66 Mrd. Euro, eng Baisse vun 1.4% par Rapport zu 2020. D'Entwécklung am Liewensmëtteleenzhandel, wéi Supermarchéen a Biobutteker war änlech. De Gesamtverkauf vun de grouse Supermarchéen ass op 6,67 Mrd. Euro gefall, 3.9% manner wei d'Joer virdrunner.*

*Am Géigesaz huet d'Kultivéierung vu biologesche Flächen a Frankräich 2021 2,78 Milliounen Hektar entsprach, eng Hausse vun 9,0% am Verglach zu 2020.*

*Deementspriechend ass déi franséisch Associatioun fir Bio-Landwirtschaft FNAB besonnesch alarméiert a gesäit dës Entwécklung als "heftege Réckschlag".*

*An deem Kader wollte mir dem Här Wirtschaftsminister an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Sinn zu Lëtzebuerg änlech Tendenze wéi a Frankräich, wat de Verkauf vu Bio-Liewensmëttel ugeet, ze erkennen? Wéi huet sech de Gesamtwäert vun de verkaafte Bio-Liewensmëttel iwwer déi lescht 2 Joren zu Lëtzebuerg entwéckelt?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

- *Falls et och zu Lëtzebuerg zu engem Réckgang vum Verkaf vu Bio-Liewensmëttel komm ass, wat sinn d'Ursaache fir dëse Réckgang?*
- *Sinn d'Präisser vu Bio-Liewensmëttel am Einzelhandel tendenziell méi oder manner vun der aktueller Präisdeierecht betraff wéi déi konventionell Produiten?*
- *Wéi gesäit et mat de Produktiounskäschten aus? Si Biobauere méi oder manner vun der aktueller Präisdeierecht betraff?*
- *Kann ee schlussfolgeren, datt de Marché vu Bioproduite saturéiert ass, oder mengen d'Häre Ministeren, datt d'Demande no Bioproduiten an Zukunft weider steige wäert?*
- *Här Landwirtschaftsminister, wat ass am nächsten Agrargesetz virgesinn, fir den Iwwergang op d'Bio-Landwirtschaft besser ze fërderen?“*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS  
Deputéierten

André BAULER  
Deputéierten